



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6488 vum 14. Juli 2022 vum honorabelen Députéierten Fred Keup**

**Ad 1), Ad 2) an Ad 3):**

Bei den Zuelen aus de Policedatebanken handelt et sech ausschliisslech ëm eng Bestandsopnam aus dem Joer 2021, sou wéi et vum honorabelen Deputéierte gefrot ginn ass. Doraus kann ee keng empiresch Schlussfolgerungen iwwert d'Gewalt géint Persounen zu Lëtzebuerg zéien, zum engen, well een duerfir misst eng déifgräifend Analyse vun alle relevanten demographesche Parameter mat abezéien, an zum aneren, well déi néideg Referenzen aus deene viregte Jore feelen.

Fir d'Joer 2021 sinn an de Policestatistiken 6853 Mënschen als Affer vu physescher Gewalt agedroen. Dovunner waren 59% Männer an 41% Fraen. 21% vun den Affer waren mannerjäreg.

**Ad 4):**

Am folgenden Tableau gesäit een d'Zuele vu "**vols avec violences**" a "**violences envers les personnes**" aus dem Joer 2021, opgelëscht no Heefegkeet (ausgedréckt a Prozent par Rapport zum landeswäiten Total vun dësem Typ vu Faiten) pro Gemeng. Bedénkt duerch déi héich Unzuel vu Gemenge sinn hei just déi 5 éischt Gemengen opgelëscht.

<b>Gewaltdoten 2021 (vols avec violences a violences envers les personnes)</b>	
<b>Commune</b>	<b>Faits en % du total national</b>
Luxembourg	23
Esch/Alzette	13
Differdange	5,5
Dudelage	4
Pétange	3

Nb.: Dëse Relevé enthält just "vols avec violences" a "violences envers les personnes" aus dem Joer 2021, a kann kengesfalls e Gesamtbild vum kompletten Taux vu Kriminalitéit an dësen eenzele Gemengen duerstellen.

**Ad 5) an Ad 6):**

Datebanke vun der Police erfaasse just op et sech ëm "résidents" oder "non-résidents" an "luxembourgeois" oder "non-luxembourgeois" handelt.

Vun den Affer waren der 86,5% Residenten a 46,4% haten déi lëtzebuergesch Nationalitéit.

**Ad 7):**

Datebanke vun der Police erfaassen "inculpés" a keng Täter. Et ass spéiderhin un de Justizautoritéiten, fir ze tranchéieren, wéi vill vun den "inculpés" als Täter a Fro kommen. „Inculpés“ ginn no de selwechte statistesche Krittäre wéi d'Affer an eisen Datebanken agedroen.

Fir d'Joer 2021 sinn an de Policestatistiken 6283 „inculpés“ a Fäll vu physescher Gewalt agetroen. Dovunner waren 75% Männer an 25% Fraen. 12,5% vun den „inculpés“ ware mannerjäreg. Vun den „inculpés“ waren der 82% Residents an 41,5% haten déi lëtzebuergesch Nationalitéit.

**Ad 8):**

N.a.

Lëtzebuerg, den 4. August 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX